LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1092 vun der honorabeler Deputéiert Djuna Bernard**

**Ad 1)**

Mat dem 2023 lancéierte Konzept *Supply4Future*, engem dynameschen an innovativen Akafssystem fir d'Schoulkantinnen, huet Restopolis eng digital Plattform ausgeschafft, där hir Attributiounskrittären d'Produktioun vun nohaltege Liewensmëttel favoriséieren an och stimuléieren.

Deen neie System encouragéiert d'Produzente vun all Gréisst, d'Produktioun an d'Diversitéit vu bio-lokale Liewensmëttel ze steigeren, an erlaabt hinnen awer och ee méi vereinfachten Zougang zu der Restauratioun vun den ëffentleche Lycéeën an der Universitéit Lëtzebuerg.

Wéi déi honorabel Deputéiert schreift, ass déi informatesch Akafsplattform vu September 2023 u fir d'éischt wärend 12 Méint an 13 Schoul- an Unikantinne getest ginn, ier vum 1. September 2024 un all déi vu Restopolis geréiert Restauranten hir Liewensmëttel doriwwer akafe mussen.

Déi Testphas vun 12 Méint kann een als ee grousse Succès beschreiwen. Vill Produzenten awer och Grosiste vun alle Gréissten hunn no der offizieller Presentatioun vun dem *Supply4Future* am Mee 2023 mat Restopolis Kontakt opgeholl, fir sech iwwert dës nei Liwwerméiglechkeet ze informéieren.

Duerch geziilt Aktioune wéi ënnert anerem eng Präsenz vu Restopolis op der Foire Agricole Ettelbréck 2023 an 2024 konnt Restopolis zanter dem Lancement vun der Testphas weider Produzente fir d'Plattform dozou gewannen.

An der Pilotphas huet sech erwisen, datt d'*Supply4Future*-Plattform elo scho wesentlech dozou bäidréit, fir d'Entwécklung vun der bio-lokaler Liewensmëttelproduktioun ze verstäerken.

**Ad 2)**

Dir fannt am Unhang zu der Äntwert op dës parlamentaresch Fro d'Zuelen zu den Akeef vu biologeschen, lokalen a bio-lokale Produiten iwwert d'*Supply4Future*-Plattform.

**Ad 3)**

Vum 1. September 2024 u kafen alleguer d'Schoul- an d'Unirestaurante vu Restopolis hir Liewensmëttel iwwert d'Plattform *Supply4Future*, déi iwwert de Portail des marchés publics funktionéiert.

**Ad 4)**

Jo, de Comité d'accompagnement ass de 14. Abrëll an de 4. Juli 2024 zesummekomm an déi nächst Reunioun ass fir de 15. November 2024 virgesinn.

D'Reunione sinn ganz konstruktiv an zilen drop of, Restopolis bei senge Missioune betreffend eng gesond an nohalteg Ernärung zum Wuel vun de Schüler, Enseignanten an all sengen Clienten ze ënnerstëtzen. Zil ass et dem Educatiounsminister all zwee Joer ee schrëftleche Rapport iwwert déi Échangen a Recommandatiounen zoukommen ze loossen.

Lëtzebuerg, de 5. September 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

Unhang:

- Zuelen zu den Akeef vu biologeschen a lokale Produiten iwwert d'*Supply4Future*-Plattform

# Unhang zu der parlamentarescher Fro Nr. 1092

| Akeef vu Produiten iwwert d’S4F-Plattform (09/2023 - 06/2024) | % par rapport zu de Gesamtakeef iwwert d’S4F-Plattform | Ausgaben |
|---|---|---|
| **Lokal Produiten** | 70,4% | 3.109.577 € |
| **Biologesch Produiten** | 35,4% | 1.563.268 € |
| **Bio-lokal Produiten** | 29,3% | 1.291.850 € |

## Prozentsaz vun den Akeef vu lokalen, biologeschen a bio-lokale Produite pro Kategorie op der *Supply4Future*-Plattform vu September 2023 – Juni 2024

